# GEMENGEBUET
## Duelem 01 / 2024



# OP EE BLÉCK


| | | |
|---|---|---|
| Wëllkomm | 3 | Bienvenue |
| De Gemengerot | 4 | La conseil communal |
| Matdeelungen | 6 | Avis |
| Aus dem Gemengerot | 20 | Du Conseil Communal |
| Réckbléck | 40 | Rétrospective |
| Etat Civil | 52 | Etat Civil |
| Agenda | 58 | Agenda |


## IMPRESSUM


EDITEUR

Gemeng Duelem

LAYOUT

creative corner, Gréiwemaacher

DRECKEREI

Imprimerie Ossa, Nidderaanwen

OPLO

1.000 Exemplairen

PRINTED IN LUXEMBOURG

myclimate Notre impact. Durable Imprimerie myclimate.org/01-24-328655

RECYCLE Papier fait à partir de matériaux recyclés FSC® C179465

# WËLLKOMM

**Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,**

Ech si frou Iech d'Fortschrëtter matzedeelen, déi an den 9 Méint a menger Fonctioun als Buergermeeschter gemaach goufen.

Mir hunn u villen wichtegen Dossiere fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng geschafft.

De Gemengerot huet de Projet vum Amenagement vun engem provisoresche Parking am Zentrum vun Duelem „Kettegaass" ugeholl, fir den Accès zu eise Geschäfter a Servicer ze erliichteren.

D'Drénkwaasserbuerungen, déi am "Buchholzer Bësch" gemaach gi sinn, ginn technesch equipéiert a mat dem bestoende Drénkwaasserreservoir verbonnen, fir esou d'Drénkwaasserversuergung vun den Uertschaften an der Gemeng Duelem ze stäerken.

D'Dossiere fir déi komplett Sanéierung vun de Stroossen "Om Widdem", "Op de Fielzen", engem Deel vun der Strooss "Péiteschbierg" an der "Kierlingerstrooss" gi finaliséiert an Dir wäert informéiert ginn iwwer den Ufank vun den Aarbechten an engem vun de nächste Bueten.

Am Moment leeft d'Ausschaffe vu Pläng fir d'Sanéierung vu weidere Stroossen an d'Erneierung vun den Infrastrukturen zu Duelem, Fëlschdref a Welfreng.

Eis Kandidatur fir den europäeschen interregionale Projet mat der Stad Arel an der Stad Tréier fir de Gallo-réimesche Site ze promouvéiere gouf un d'Europäesch Kommissioun zu Bréissel geschéckt. Mir hoffen, datt dëse Projet zur Stäerkung vun der Entwécklung vun eisem regionale kulturellen an touristesche Patrimoine bäidréit.

D'Aarbechte fir de Bau vun engem moduläre Gebai um Schoulcampus hunn ugefaangen.

D'Aktualiséierung vum Verkéiersreglement vun eiser Gemeng ass amgaangen.

Déi gutt Zesummenaarbecht tëscht dem Schäfferot, dem Gemengerot an der Verwaltung ass ee vun de Grënn, deen zum Fortschrëtt vun all dëse Projete bäidréit.

**Mat beschte Gréiss,**
**Romain Kill**

Buergermeeschter vun der Gemeng Duelem



© Pit Becker

# BIENVENUE

***Chères citoyennes, chers citoyens,***

*Je suis heureux de partager avec vous les avancées réalisées au cours des 9 mois en ma qualité de bourgmestre.*

*Nous avons travaillé sur de nombreux dossiers importants pour le développement de notre commune.*

*Le conseil communal a approuvé le projet pour l'aménagement d'un parking provisoire au centre de Dalheim au lieu-dit « Kettegaass » pour faciliter l'accès à nos commerces et services.*

*Les forages d'eau potable réalisés dans la forêt « Buchholz » seront techniquement équipés et raccordés au réservoir d'eau potable existant afin de renforcer l'alimentation en eau potable des localités de la commune de Dalheim.*

*Les dossiers pour le réaménagement complet des rues « Om Widdem », « Op de Fielzen », d'une partie de la rue « Péiteschbierg » et de la rue « Kierlingerstrooss » seront finalisés et vous serez informés des débuts de travaux dans un des prochains « Buet ».*

*L'élaboration des projets pour le réaménagement d'autres rues et le renouvellement des réseaux d'infrastructures à Dalheim, à Filsdorf et à Welfrange est actuellement en cours.*

*Notre candidature pour le projet interrégional européen avec la ville d'Arlon et la ville de Trèves, valorisant les sites Gallo-Romains, a été envoyée à la Commission européenne à Bruxelles. Nous espérons que ce projet contribuera à renforcer la mise en valeur de notre patrimoine culturel et touristique régional.*

*Les travaux pour la construction d'un bâtiment modulaire sur le campus scolaire viennent de démarrer.*

*La mise à jour du règlement de circulation de notre commune est en cours.*

*La bonne collaboration entre le collège échevinal, le conseil communal et l'administration est l'une des raisons qui contribue fortement à l'avancement de tous ces projets.*

***Avec mes meilleures salutations***
***Romain Kill***

*Bourgmestre de la commune de Dalheim*

# De Gemengerot

**Op dëser Plaz presentéiere mir Iech no an no d'Membere vum Gemengerot.**
**An dëser Ausgab hunn den Nic DICKEN an d'Tracy BLOOMER d'Wuert.**

## Nic DICKEN


© Pit Becker

Léif Leit aus der Gemeng Duelem,
D'Chance, déi de Schäfferot mir am Kader vun dësem « Buet » offréiert, fir mech perséinlech an och meng Virstellunge fir d'Weiderentwécklung vun eiser Gemeng ze präsentéieren, notzen ech ëmsou léiwer, wéi et mir net méi méiglech ass, wéi fréier als Schäffe selwer nach direkt an d'Planung an d'Gestaltung vun der Gemengepolitik anzegräifen.

Et huet een et als Gemengerot op der enger Säit vill méi einfach, well een sech net méi ëm all Klengegkeet am Gemengenëmfeld muss këmmeren, op der aner Säit bleift een awer an der Verantwortung, fir d'Aarbecht vum Schäfferot kritesch a konstruktiv ze begleeden a mat eegene Virschléi do, wou een sech mat Erfarung a Sachverstand kann abréngen, d'Entwécklung vun der Gemeng an engem positive Sënn ze beaflossen.

Am Réckbléck op meng Zäit am Schäfferot deet et mir besonnesch leed, dass verschidde wichteg Dossieren net konnte fäerdeggestallt oder op d'mannst esou wäit op de Wee bruecht ginn, dass een zu dësem Zäitpunkt der Fäerdegstellung kënnt entgéintkucken. Dozou ziele ganz besonnesch eng nei Schoul an eng Sportshal, déi fir eis Kanner an och fir Iech alleguer nei Méiglechkeete kéinte bidden. Mir hunn d'Chance, nach eng Partie ganz aktiv Veräiner an der Gemeng ze zielen a sollten dofir och bei hirer Ënnerstëtzung net noloossen, fir ë liewegt Mateneen ze erhalen.

Finanziell gesi steet eis Gemeng de Moment ganz gutt do, eng Tatsaach, déi soll genotzt ginn, fir elo déi wichtegst Projekter an Ugrëff ze huelen. Als President vun der Finanzkommissioun gesinn ech mech do, zesumme mat de Memberen alleguer, an der Flicht, déi finanzpolitesch Initiativen an Entscheedunge vum Schäfferot ze begleeden an do, wou et néideg ass, ze beaflossen.

E weidert wichtegt Uleies an der Gemeng ass fir mech dat kulturellt Liewen an de Schutz resp. d'Erhale vum Patrimoine aus der Réimerzäit wéi och vun deem aus spéideren Zäitepochen. Dofir och mäin Engagement als President vun der Kulturkommissioun, déi schonn an der Vergaangenheet vill op deem Plang geleescht huet an där ech dofir ë grousse Merci ausschwätzen, deen zum Weiderfuere verpflicht. Concert-Saison a Konschtmaart bleiwen dobäi selbstverständlech um Programm.

Fir d'Entwécklung vun eisen dräi Dierfer ass et onbedéngt erfuerderlech, de neie Bebauungsplang (Plan d'Aménagement Général – PAG) fäerdeg ze stellen, fir dass weider nei Bierger kënnen an eis Gemeng kommen a besonnesch déi besteeënd Strukture vun eisen Dierfer optimal kënne genotzt ginn. Dofir wierken ech och mat als Sekretär vun der Bauten- an Ëmweltkommissioun.

Dir gesitt also, dass d'Zäit mir och als Gemengerot net laang gëtt an ech weider am Déngscht vun Iech all wëll schaffen.

*Nic. Dicken*

## Tracy BLOOMER

Ech soen all de Bierger a Biergerinnen aus der Gemeng e grousse Merci fir hiert Vertraue bei de Gemengewalen - et ass wierklech eng grouss Éier, mech als Vertriederin fir de gudde Fonctionnement vun eiser Duerfgemeinschaft anzesetzen.

Wärend der éischter neier Integratiounskommissioun (Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen) vum 29. Januar 2024 hat ech de Privileeg als hir Presidentin gewielt ze ginn. Dës Kommissioun wäert eng entscheedend Roll spille fir e Gefill vun Eenheet a Versteesdemech vun allen eise Bierger a Biergerinnen aus de Gemeng. An eiser éischter Versammlung war et esou spannend, Iddien an esou ville Sproochen auszetauschen, jidderee vun eis huet eppes Neies iwwer d'Land, d'Kultur oder d'Sprooch vuneneen ze léieren. Andeems mir Inklusivitéit an Zesummenaarbecht fërderen, ziele mir en Ëmfeld ze kreéiere wou all Stëmm héieren a geschätzt gëtt. A wa mir iwwer Integratioun schwätzen, menge mir wuertwiertlech jiddereen - dëst ass eng Plaz wou mir Leit aus verschiddene Länner, Kulturen, berufflechen Hannergrënn, Altersgruppen a verschidde Fäegkeeten a Behënnerungen zesumme gesinn. Ausserdeem sinn ech och Member an der Drëttalterskommissioun, wou mir zesumme vill méi Aktivitéiten am Numm vun eisen eelere Bierger a Biergerinnen organiséieren.

Ech sinn och Member an der Kommissioun fir Mobilitéit, Gemengeweeër, Sécherheet a Préventioun, an ech wëll alles maachen, fir datt déi Themen, déi hei opgeworf ginn, eescht geholl ginn. D'Sécherheet vun eisem Duerf steet virun allem an d'Mobilitéit ass en Thema dee jidderee betrëfft, deen hei wunnt.


© Pit Becker

Ech si begeeschtert iwwert d'Perspektiv, mat deenen dräi dynamesche Kommissiounen zesummenzeschaffen an der Kapazitéit vu menger Funktioun als Conseillère ze schaffen, fir eis Gemeng méi sécher a méi vibrant an harmonesch ze maachen. Zu dësem Zweck ass mäi Motto: There is no 'I' in 'Team' ('Et gëtt keen ,I' (ech) an 'Team'). Nëmmen duerch Zesummenaarbecht an nozelauschtere kënne mir eng gezielten a profitabel Ännerung erreechen.

*Tracy BLOOMER*

## Konsultativ Kommissiounen

Déi verschidde konsultativ Kommissioune vun der Gemeng waren déi éischte Kéier an hirer neier Zesummestellung zesummen.

### Drëttalterskommissioun / *Commission du troisième âge*



© Peggy Olinger

v.l.n.r.

Nicole WILDGEN-BENNING (Vize-Presidentin),

Christian KNOEPFFLER (Sekretär),

Cynthia FISCH,

Sonja BARTHEL,

Romain KILL (President),

Tracy BLOOMER

### Jugend- a Sportskommissioun / *Commission de la jeunesse et des sports*

v.l.n.r.

Jill SIDON,

Tamar LEKIASHVILI (Sekretärin),

Benjy PIERRECIN,

Zinaida ANKOVA,

Romain DICKEN (President),

Tammy GEORGES (Vize-Presidentin),

Mike WEBER

vir : Gina BALVE



© Peggy Olinger

## Klimateam Gemeng Duelem



v.l.n.r.
Gilles CHRISTNACH,
Michelle FRIEDERICI,
Peggy OLINGER,
Frank STEICHEN,
Carlos GOMES,
Jean-Paul HARSCH

## Kommissioun fir Kultur, Patrimoine an Tourismus /
## *Commission de la culture, du patrimoine et du tourisme*




v.l.n.r. Christian KNOEPFFLER, John LENERT (Vize-President), Christiane HERMES, Viviane MOES, Joëlle WAX, Nicolas DICKEN (President), Georges KARMEYER, Alexandre HALTER, Roby SCHULER, Nina BEZIRGANI, Colette ARENDT (Sekretärin)

## Kommissioun fir Mobilitéit, Gemengeweeër, Sécherheet a Präventioun / *Commission de la mobilité, des chemins communaux, de la sécurité et de la prévention*


© Peggy Olinger

v.l.n.r.

Marcel WILDGEN,

Tracy BLOOMER,

Jean-Michel LANGE,

René HERMES,

Luc VANDIVINIT (President),

Tom STEICHEN (online zougeschalt)(Sekretär),

Guy KARMEYER,

Georges BIWER,

Christopher SCHUH,

Sacha GEORGES (Vize-President),

Lucien REGER

## Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen / *Commission de l'égalité et du vivre-ensemble interculturel*

v.l.n.r.

Marion PRATSCH,

Gaby BIERMANN,

Tamar LEKIASHVILI,

Isabel CARRILLO DELGADO,

Anabela DOS SANTOS (Sekretärin),

Flora STEINMETZ,

Jane BARCLAY,

Tracy BLOOMER (Presidentin),

René HERMES (Vize-President),

Gabriela Elena VETERE,

Lindsay REDINGER,

Mireille JAKUBOWICZ,

Marc CUKIER



feelen op der Foto:

Aikaterini KAÏSERLOGLOU,
Romaine SCHMIT


© pexels.com/ Tim Durand

## Règlement communal pour le tarif applicable au service pendant les réceptions et les manifestations communales

*Le tarif forfaitaire pour les personnes chargées d'assurer le service des boissons et des collations lors des manifestations et des réceptions communales a été fixé à 18,00 € par heure avec effet au 1er janvier 2024.*

---

## Règlement communal relatif à la vente du bois de chauffage


© pexels.com/ mvegas

**Article 1 :**
**Tarifs pour la vente du bois de chauffage**

1. Bois coupés, façonnés et débardés sur un chemin carrossable par les soins du personnel triage forestier de Dalheim :
*1 corde 2 x 1 x 1 m hêtre/chêne pour le tarif de 145,60.- Euro TVA comprise (130,00.- Euro + 12% TVA)*

2. Bois coupés, façonnés et transportés à la maison par les soins du personnel communal en collaboration avec le personnel du triage forestier de Dalheim :
*1 corde - bois coupé 0,50 m pour le tarif de 207,20.- Euro TVA comprise (185,00.- Euro + 12% TVA)*
*1 corde - bois coupé 0,33 m pour le tarif de 244,16.- Euro TVA comprise (218,00.- Euro + 12% TVA)*
*1 corde - bois coupé 0,25 m pour le tarif de 268,80.- Euro TVA comprise (240,00.- Euro + 12% TVA)*

3. Bois de chauffage en long :
*1m$^3$ = 78,40.- Euro TVA comprise (70,00.- Euro + 12% TVA)*

4. Bois de houppier (Kronenholz) :
*Le prix pour 1m3 est de 6,89 € TVA comprise (6,15.- Euro +12% TVA). Le chantier sera nettoyé selon les instructions du préposé forestier. L'accès sur les lieux n'est possible qu'à l'aide d'un tracteur. Les travaux doivent être terminés pour le 15 mai de l'année courante. Chaque intéressé doit signer un contrat d'après lequel il s'engage à respecter toutes les conditions imposées.*

**Article 2 :**
**Vente publique locale aux enchères**


*Au courant des années où une pénurie accrue de bois de chauffage est constatée sur pied d'une motivation écrite du garde forestier, le conseil communal procède par une vente publique locale aux enchères. Lors de cette vente aux enchères les mises à prix (prix minimal annoncé), ainsi que le tarif pour la coupe et le transport sont fixés conformément à l'article 1 du présent règlement.*

## Brennholzstee / *Vente aux enchères du bois de chauffage*

**Wéini?** 27. Abrëll 2024 um 9.30 Auer
**Wou?** Buchholz
**Duelem Richtung Medingen**

***Quand ?*** *27 avril 2024 à 9.30 heures*
***Où ?*** *Buchholz*






Fir méi Detailer kënnt Dir dëse QR-Code scannen

## KONDITIOUNE VUN DER STEE

1. Holz wat geschnidden, beaarbecht a gerückt ass duerch d'Personal vum Triage Duelem:
   - E Maximum vu 60 Kouerte gëtt versteet,
   - den ugekënnegte Präis (ugekënnegte Mindestpräis) wärend der Stee ass 145,60 € TVA abegraff (130,00 € + 12 % TVA) d'Kouert,
   - nëmme Leit, déi hire Wunnsëtz um Territoire vun der Gemeng hunn, däerfen un der Stee deelhuelen a wann eng Persoun aus der Gemeng sech net kann deplacéieren, muss eng schrëftlech Prokuratioun gi ginn,
   - pro Haushalt dierf just e Maximum vu 5 Kouerte gesteet ginn,
   - fir déi Leit déi gesteet hunn a wëllen dass d'Holz méi kleng geschnidden a geliwwert gëtt, komme follgend Käschte bei d'Zomm dobäi fir déi gesteet gouf (pro Kouert):
     - eng geliwwert a geschnidde Kouert op 0,50 m – 61,60 € TVA abegraff (55,00 € + 12 % TVA)
     - eng geliwwert a geschnidde Kouert op 0,33 m – 98,56 € TVA abegraff (88,00 € + 12 % TVA)
     - eng geliwwert a geschnidde Kouert op 0,25 m – 123,20 € TVA abegraff (110,00 € + 12 % TVA)

2. Stammholz:
   - E Maximum vun 120 Kubikmeter Stammholz gëtt versteet,
   - den ugekënnegte Präis (ugekënnegte Mindestpräis) wärend der Stee ass 78,40 € TVA abegraff fir de Kubikmeter (70,00 €/Kubikmeter + 12 % TVA),
   - nëmme Leit déi hire Wunnsëtz um Territoire vun der Gemeng hunn, däerfen un der Stee deelhuelen a wann eng Persoun aus der Gemeng sech net kann deplacéieren, muss eng schrëftlech Prokuratioun gi ginn,
   - pro Haushalt dierf just e Maximum vun 10 Kubikmeter gesteet ginn.

3. Krounenholz:
   - Fir d'Joer 2024 gëtt kee Krounenholz verkaf.

## *CONDITIONS DE LA VENTE PUBLIQUE AUX ENCHERES*

1. *Bois coupés, façonnés et débardés sur un chemin carrossable par les soins du personnel triage forestier de Dalheim :*
   - *un maximum de 60 cordes est mis en vente aux enchères,*
   - *la mise à prix annoncée (prix minimal annoncé) lors de la vente aux enchères est de 145,60.- Euro TVA comprise (130,00.-Euro + 12% TVA) la corde,*
   - *seuls sont admis à prendre part à la vente aux enchères des personnes domiciliées sur le territoire de la commune et si une personne de la commune ne peut se déplacer, une procuration écrite doit être donnée,*
   - *un ménage peut acheter un maximum de 5 cordes au plus,*
   - *pour les adjudicataires qui veulent que le bois soit coupé et livré, le montant suivant s'ajoute au prix de vente pour lequel a été enchéri, comme suit, par corde (double stère) :*
     - *une corde transportée et découpée en 0,50 m – 61,60.- Euro TVA comprise (55,00.-Euro + 12% TVA)*
     - *une corde transportée et découpée en 0,33 m – 98,56.- Euro TVA comprise (88,00.-Euro + 12% TVA)*
     - *une corde transportée et découpée en 0,25 m – 123,20.- Euro TVA comprise (110,00.-Euro + 12% TVA)*

2. *Bois de chauffage en long :*
   - *un maximum de 120m3 de « bois long » est mis en vente aux enchères,*
   - *la mise à prix annoncée (prix minimal annoncé) lors de la vente aux enchères est de 78,40.-Euro TVA comprise pour le mètre cube (70,00.- Euro/mètre cube + 12% TVA),*
   - *seuls sont admis à prendre part à la vente aux enchères des personnes domiciliées sur le territoire de la commune et si une personne de la commune ne peut se déplacer, une procuration écrite doit être donnée,*
   - *un ménage peut acheter un maximum de 10 mètres cubes au plus.*

3. *Bois de houppier (Krounenholz) :*
   - *aucun bois de houppier n'est vendu aux enchères pour l'année 2024.*

## „Den Duelemer Adler“

Den **3. Dezember 2023,** dem internationalen Dag vun de Mënsche mat Behënnerung, huet Info-Handicap säin 30. Gebuertsdag gefeiert. Fir dës Geleeënheet wor e Molconcours organiséiert ginn, wou d'Leit konnten online fir hire Favorit ofstëmmen. Bei der Gebuertsdagsfeier ass den éischte Präis vum Molconcours un de Gewënner iwwerreecht ginn.

De Foyer La Cerisaie vun Duelem wor bei dësem Concours gutt vertrueden, 7 Bewunner aus dem Foyer hate mat flotte Konschtwierker matgemaach, de Pier BANGNOWSKI, den Henri FLICK, d'Christiane LOSCH, d'Marie-Rose MACRI, d'Carine NICKELS, de Yannick NIESEN an de Rigobert RINK.

De Rigobert RINK huet bei dësem Concours den Éischte Präis gewonnen a säi Bild „den Duelemer Adler“ fënnt een elo op engem Timber vun der Post.

Mir hunn en Interview mam Rigo gemaach, fir e bësse méi Informatiounen zu senger Persoun a sengem Konschtwierk ze kréien.






**Wie lange wohnst du schon im Foyer La Cerisaie in Dalheim?**
Im Oktober 2024 wohne ich 21 Jahre im Dorf.

**Wieso hast du „den Duelemer Adler“ gemalt?**
Der Adler ist das Wahrzeichen von Dalheim und war zu Römerzeiten das Wahrzeichen vom Kaiser und seinen Legionen. Dieser edle und achtsame Vogel faszinierte mich schon immer, vor allem auch als Segler und mit seinen Flugkünsten, warum er König der Lüfte genannt wird. Er ist ebenso das Wahrzeichen der Fallschirmspringer und sogar als Weißkopfseeadler im Wappen vom amerikanischen Präsidenten und der 101. Luftlandedivision, unser Patenbataillon während meiner Zeit in der NATO.

**Hast du Hilfe beim Malen des Bildes benötigt?**
Wie für alles im alltäglichen Leben benötige ich auch hier, als Tetraplegiker C4/C5, der eigentlich außer Kopf, Hals und Mund nichts bewegen kann, Assistenz, Hilfe und Unterstützung.

Ich male in der Ergotherapie. Unsere Ergotherapeutin Meike skizziert nach meiner Vorlage und Idee, spannt mir den Keilrahmen in eine Halterung, trägt die Farben nach meinem Wunsch auf eine Palette und gibt mir den gewählten Pinsel in den Mund. Die Farben mischen und auftragen, das kann ich alleine.

Es ist für mich meistens entspannend, aber auch anstrengend für meine Halsmuskulatur den Pinsel zu halten und zu führen und mit dem Mund zu malen. Es stärkt mein Selbstbewusstsein, obwohl ich weder Arme noch Hände bewegen kann, etwas selbst zu schaffen.

**Wie lange hast du an diesem Bild gemalt?**
Ich brauche circa drei Monate, um so ein Bild zu malen. (Ergotherapie ist vier Mal pro Woche).

**Wie groß ist die Freude, zu wissen, dass dein Werk auf Briefen in die ganze Welt reisen wird?**
Die Freude ist für mich ungeheuer groß. Es erinnert mich an den Film „Die fabelhafte Welt der Amelie“ (Poulain), die die Gartenzwerge aus dem Garten ihres Papas in die Welt geschickt hat um dann Fotos aus der ganzen Welt zurück zu erhalten! Für mich selbst ist reisen durch die Welt unwahrscheinlich kompliziert. Ich benötige zwei Assistenten rund um die Uhr und Unmengen von Pflegematerial.

**Danke Rigo für das Interview**

syrdall heem

Zanter 1989 fir iech do.

# MËNSCH SINN MËNSCH BLEIWEN!



**7/7 Ambulante Kranken- und Alterspflege**

**Tagesstätten für Senioren**
Sandweiler und Niederanven

**Club Senior Syrdall**
Begegnungen, Aktivitäten und Freizeitangebot

**Der 24/24St Alarmknopf**

**SYRDALL HEEM IN IHRER NÄHE**
Betzdorf, Bous, Contern, Dalheim, Lenningen, Niederanven, Remich, Sandweiler, Schuttrange, Stadtbredimus, Waldbredimus und Weiler-La-Tour.

**Syrdall Heem asbl** 6, Routscheed L-6939 Niederanven | **Tel** 34 86 72 | **E-mail** info@syrdallheem.lu

help

www.syrdallheem.lu

## Pilot - Projet „ANTIGASPI – WOCH“ am November/Dezember 2023

mat de Kanner an der Equipe vum SEA „An de Wolleken“, SIGNA an den Organisateure Cédric JAQUES a Sally KAUFFMANN:

**„Antigaspi“ an der Maison Relais: „Vun der Kiche bis op den Teller“**

Wat kënnt an der Maison Relais op den Dësch? Et ass wichteg de Kanner eng ofwiesslungsräich, gesond a bedierfnesorientéiert Ernärung ze bidden. Dës soll räich u Vitaminnen, Ballast- a Mineralstoffer sinn, a vum Personal un d'Kanner ugepasst ginn.

D'Zil vum Projet war: Liewensmëttelverschwendung am SEA ze reduzéieren („Antigaspillage“).

De Pilotprojet ass ausschliisslech wärend dem Mëttegiesse gewiescht.

Am Virfeld hutt d'SEA-Betreiungsteam an de Chef vun der Kichen un der Formatioun "Fighting food waste" deelgeholl.

De Projet huet aus dräi Phase bestan:

Phase 1: Observatioun an Aféierung vum Projet an de jeeweilege Gruppen (C1, C2, C3)

Phase 2: Antigaspi Woch

Déi Woch gouf d'Organisatioun vum Iessprozess vum Signa mam Cédric JAQUES a Sally KAUFFMANN nei gestalt, a fir d'Kanner an d'Equipe presentéiert an ëmgesat. Am Mëttelpunkt stoung, déi eenzel Iesskomponenten individuell unzebidden an dëse Prozess fir d'Zukunft als 3-Gang Menü ze erhalen.

Entrée (Zopp oder Zalot)
Haaptplat
Dessert (Uebst oder Crème)



De Bernd an d’Stephanie vun der Kichenequipe hunn de Menü vum Dag, deen an der Entrée vum SEA visualiséiert gouf, presentéiert an dunn zesumme mat de Kanner an de jeeweilege Cyclë virgestallt. Duerno huet ee Kand pro Cycle dierfen hëllefen a war engagéiert a motivéiert, als Assistent ze zerwéieren. Et war ganz wichteg datt d'Kanner selwer entscheede konnte wat a wéi vill si iesse wollten. Et gouf drop higewisen, datt all Kand sech selwer en Iessläffel vun all Nahrungskomponent sollt zerwéieren („1-Läffel Method“).

Zesummen iessen: sozial Interaktioun - D'Equipe ësst zesumme mat de Kanner um Dësch a kommunizéiert mat hinnen iwwer d'Iessen, dat ugebuede gëtt. Et war an ass fir eis wichteg eis eege Gefiller iwwer d‘Iesse mëndlech a mat Kierpersprooch auszedrécken (z.B. mat engem Laachen am Gesiicht soen: „Hmm, de Fësch ass lecker!")

Wann et ëm d'Iesse geet, ass et fir eis wichteg, datt mir d'Kanner encouragéieren d'Iesse mat alle Sënner ze gesinn.

Am Viraus hat de Cédric all Kand een Joker ginn, op deem d'Kanner ee Liewensmëttelkomponent opschreiwe konnten. Dësen JOKER huet du fir déi ganz „ANTIGASPI-Woch“ gezielt an huet de Kanner erlaabt ze soen, ob de Menü genau dee Liewensmëttelkomponent offréiert, deen hinne guer net gefält. D'Zil war datt se op d'mannst „fräiwëlleg“ alles anescht schmaachen.

Duerch eng gruppeniwwergräifend Challenge huet de Cédric d'Kanner motivéiert, sou mann wéi méiglech Iessreschter op hiren Telleren ze loossen, well d'Iwwerreschter gewie gi sinn.

Erausfuerderung: „Wéi ee Cycle huet wéi vill Gramm Iessensreschter?“ A Präsenz vun de Kanner huet de Cédric d’Iessensreschter op enger Wo ofgewien.

**Phase 3:** Feedback



An der Feedback-Ronn am Cycle 3 hunn d'Kanner dem Cédric gesot, datt si de Projet super fonnt hunn, motivéiert si fir alles ze schmaachen an iwwerrascht iwwer dat si wat si scho probéiert hunn.

Duerch den Antigaspi-Projet am Fréijoer 2023 a Verbindung mam Gaardefest sinn d'Kanner am SEA sensibiliséiert ginn an hu geléiert méi virsichteg beim Ëmgang mat Iessen a Liewensmëttel ze sinn.





**Yohan MERLET an d’Equipe vum S.E.A. An de Wolleken**







**NOPESCHFEST 24. MEE 2024**
De 24. Mee 2024 ass den Dag vum Nopeschfest.

Wëllt Dir och een Nopeschfest organiséieren an Dir braucht Garnituren (Dëscher a Bänken), da reservéiert dës bei der Gemeng Duelem bis den 10. Mee 2024 per Mail op entretien@dalheim.lu. D'Unzuel vu Bänken an Dëscher déi zur Verfügung stinn ass begrenzt.

***FÊTE DES VOISINS 24 MAI 2024***
*La date du 24 mai 2024 est la journée de la fête des voisins.*

*Si vous songez à organiser une fête des voisins et que vous avez besoin de garnitures telles que bancs et tables, alors faites une réservation jusqu'au 10 mai 2024 en envoyant un e-mail à l'adresse entretien@dalheim.lu.*
*Le nombre de garnitures disponibles est limité.*

## Opruff un d'Betriber

**Hutt Dir ee Commerce oder Betrib an der Gemeng Duelem?**
Falls jo, firwat en net an engem vun onsen nächste Gemengebuete virstellen? Interesséiert? Da schéckt ons een E-Mail op gemengebuet@dalheim.lu mat enger klenger Beschreiwung an enger Foto.

***Avez-vous un commerce ou une entreprise sur le territoire de la commune de Dalheim?***
*Si oui, pourquoi ne pas les présenter dans l'un de nos prochains « Gemengebuet » ? Intéressé ? Envoyez-nous un courriel à l'adresse gemengebuet@dalheim.lu avec une petite présentation et une photo.*

## Verdeele vun Avisen

**D'Gemeng Duelem brauch reegelméisseg Persounen déi offiziell Avis'en an onsen dräi Dierfer verdeelen.**
Fir d'Verdeele vun offiziellen Avisen si follgend Kompensatioune festgeluecht:

- 100 € fir d'Verdeele vun engem Avis vun engem Blat
- 150 € fir d'Verdeele vun engem Avis vun zwee Blieder
- 200 € fir d'Verdeele vun engem Avis vun dräi Blieder a méi

Wann Dir interesséiert sidd, da mellt Iech per E-Mail op info@dalheim.lu mat Ärem Numm an enger Telefonsnummer ënner där Dir ze erreeche sidd.

---

***La Commune de Dalheim a régulièrement besoin de volontaires pour distribuer des dépliants dans nos trois localités.***

*Les indemnités suivantes ont été fixées pour la distribution:*

- *100 € pour la distribution d'un avis à une feuille*
- *150 € pour la distribution d'un avis à deux feuilles*
- *200 € pour la distribution d'un avis à trois feuilles et plus*

*Si vous êtes intéressé, veuillez nous adresser un e-mail à l'adresse info@dalheim.lu en indiquant votre nom et votre numéro de téléphone.*

---

**The municipality of Dalheim regularly needs people to distribute official leaflets in our three localities.**

The following remunerations have been set for the distribution of these leaflets:

- € 100 for the distribution of a single-sheet leaflet
- € 150 for the distribution of a two-sheet leaflet
- € 200 for the distribution of a leaflet with three sheets or more

If you are interested, please contact us via email at info@dalheim.lu providing your name and telephone number.

## Gemeindesyndikat SIAS

**Seit 2019 ist unsere Gemeinde Mitglied im Umwelt- und Naturschutzsyndikat SIAS. Höchste Zeit ein paar Projekte und Dienstleistungen vorzustellen, die von unserer Bevölkerung genutzt werden können.**

Das Gemeindesyndikat SIAS ist in den Bereichen
A. Müllabfuhr
B. Recycling
C. Klimaschutz
D. Schutz der natürlichen Ressourcen

aktiv. Unsere Gemeinde ist Mitglied im Bereich D, der sich mit dem Schutz der Biodiversität beschäftigt. Im Rahmen von konkreten Projekten können sich Privatleute, Landbesitzer, Landwirte und jeder, der sich für die Biodiversität einsetzen will, beteiligen. Ein paar Beispiele:


© Marc Thiel

### Bongertenprojekt

Die Bongerten spielen in unserer Gemeinde eine wichtige Rolle und haben eine lange Tradition. Doch der Baumbestand ist überaltert. Nach und nach brechen die Baumbestände zusammen. Die Biologische Station des Gemeindesyndikates SIAS, die für die Planung und Umsetzung konkreter Projekte zuständig ist, hat verschiedene Aktionen rund um die Bongerten aufgebaut. So können Obstbäume außerhalb des Bauperimeters über das Biologische Station SIAS geschnitten werden. Ebenso können neue Bäume gepflanzt werden. Diese Projekte sind für den Grundstücksbesitzer kostenlos. Wenn Sie einen Bongert schneiden oder einen neuen Bongert anlegen lassen wollen, dann melden Sie sich beim unten angegebenen Kontakt.



### Biodiversität in unseren Ortschaften

Jeder kann sich im Sinne der Biodiversität engagieren, auch innerhalb der Ortschaften. Unsere Gemeinde will zusammen mit der Biologischen Station SIAS ein Projekt ausarbeiten, wo es um die Steigerung der Biodiversität auf öffentlichen Grünflächen geht. Wir wollen mit diesem Projekt unsere Bürger ermuntern, selbst ums eigene Haus Maßnahmen zum Schutz der Biodiversität umzusetzen. Die Mitarbeiter der Biologischen Station SIAS stehen ihnen beratend zur Seite.

### Kontaktperson für die Gemeinde DALHEIM

Marc THIEL
Biologische Station SIAS
5, rue de Neihaischen — L-2633 Senningerberg
Tel: 34 94 10 – 26 — Mail: m.thiel@sias.lu
www.sias.lu

SIAS Gemeinsam für eine nachhaltige Entwicklung in unserer Region

# TAE KWON DO

## Fouss Fauscht de Wee

Taekwondo ass en Olympesche Sport an deem Valeure wéi Disziplin, Respekt a Selbstännegkeet grouss geschriwwe ginn.

Den Training ass fir Jonk an Al a fuerdert Motorik, Gläichgewiicht an allgemeng Fitness.

Mir si bei nationalen an internationalen Turnéier aktiv.

**2023 war een exceptionellt Joer fir eise Veräi mat follgende Plazéierungen a Medailen:**




René KAMRADA
1. Plaz a Mexico beim World-Open



Elina NUNES
1. Plaz um Moselcup zu Gréiwe-maacher

Zoé ANTOS
1. Plaz um Moselcup zu Gréiwe-maacher



Aleric KISSEL
1. Plaz zu Jonglënster um Turnéier



Philip KOHL
Bronzemedail a Korea beim Sport a Kultur Austausch

Noé MÜLLER
Goldmedail a Korea beim Sport a Kultur Austausch




Lenny WEBER
1. Plaz zu Gengenbach um Turnéier



Greta WOZNIAK
1. Plaz zu Delbrück um Turnéier







**Dir kënnt gäre bei eis laanscht kommen, mir sinn am Centre Culturel zu Duelem**
Méindes an Donneschdes
fir déi Jonk (5-10 Joer) vun 18:00 – 19:00 Auer
fir déi Erwuesse vun 19:00 – 20:30 Auer

**Fir all Informatioune kënnt Dir Iech gäre melle beim**
Romain DICKEN Tel: 621 25 60 46
E-mail kukkiwon.lu@gmail.com

# GEMENGEROTSSËTZUNG
## VUM 19. DEZEMBER 2023

**PRESENT:**

Här Romain **KILL**, Buergermeeschter, Här René **ERNST**, Madamm Peggy **OLINGER**, Schäffen,

Madamm Sonja **BARTHEL**, Madamm Tracy **BLOOMER**, Här Nicolas **DICKEN**, Här Romain **DICKEN**, Madamm Francine **ERNSTER**, Här Luc **MANGEN**, Conseilleren,

Madamm Joëlle **NICLOU**, Gemengesekretärin

### Ëffentlech Sëtzung:

**1. Presentatioun, Diskussioun an Ofstëmme vum rektifizéierte Budget vum Joer 2023 a vum Budget 2024**

Den Här René ERNST, a senger Fonctioun als Responsaablen vun de Gemengefinanzen, huet am Detail den extraordinäre Budget virgestallt.

Uschléissend hunn d'Conseillere verschidde Froe gestallt an hier Remarke matgedeelt. Een Artikel huet fir Diskussioune gesuergt.

De Schäfferot huet dem Gemengerot virgeschloen eng Ännerung am Budget virzehuelen an den diskutéierten Artikel 4/411/221312/24004 „Construction pour comices agricoles" fir de Budget 2024 op 0,00 € ze setzen.
De Gemengerot huet dës Propose vum Amendement eestëmmeg ugeholl an duerno eestëmmeg de rektifizéierte Budget 2023, an de Budget 2024 ugeholl, sou wéi se vum Schäfferot ausgeschafft a virgestallt gi sinn.

**2. Järleche Gestiounsplang fir d'Bëscher 2024**
Den Här Tom ENGEL, Preposé vun der Naturverwaltung, zoustänneg fir Duelem, huet dem Gemengerot de järleche Gestiounsplang betreffend d'Bëscher fir 2024 virgestallt.

De Gestiounsplang, dee fir d'Joer 2024 en Defizit vu 17.420,00 € opweist, resultéierend aus dem Betrag vun de virgesinne Recetten iwwer 249.380,00 € an dem Betrag vun de virgesinnen Ausgaben iwwer 266.800,00 €, ass eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl ginn.

**3. Subside fir déi lokal Associatioune fir d'Joer 2023**
De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss den Associatioune fir d'Joer 2023 folgend Subsiden ze accordéieren:

| | | |
|---|---|---|
| 1. | Action Buttek Mosaïk asbl. | 550.-Euro |
| 2. | Action pour un monde uni asbl | 550.-Euro |
| 3. | Amicale Pompjeeën Duelem-Welfrange | 2.250.-Euro |
| 4. | Amicale Pompjeeën Filsdorf | 550.-Euro |
| 5. | Amis de la Cerisaie asbl | 550.-Euro |
| 6. | Chorale Caecilia Filsdorf | 850.-Euro |
| 7. | Chorale enfantine Kiischtebléien | 2.250.-Euro |
| 8. | Chorale Mixte Dalheim | 850.-Euro |
| 9. | Chorale Sainte Cécile Welfrange | 850.-Euro |
| 10. | Fanfare de la commune de Dalheim asbl | 3.750.-Euro |
| 11. | FC Les Aiglons Dalheim asbl | 5.250.-Euro |
| 12. | Fonds Jean-Pierre Hentzen asbl | 550.-Euro |
| 13. | Gaart an Heem Filsdorf | 550.-Euro |
| 14. | KC Klatzentriwweler | 300.-Euro |
| 15. | Landwirtschaftlicher Lokalverein Dalheim | 250.-Euro |
| 16. | Landwirtschaftlicher Lokalverein Filsdorf | 250.-Euro |
| 17. | Landwirtschaftlicher Lokalverein Welfrange | 250.-Euro |
| 18. | Ricciacus Frënn asbl | 2.000.-Euro |
| 19. | Scouts Saint Martin Duelem | 2.250.-Euro |
| 20. | Taekwondo Club Dalheim | 2.250.-Euro |

## 4. Akten a Compromis'en

### 4.1. Verkafsakt Haus Marx

De Gemengerot huet eestëmmeg de Verkafsakt vum 8. November 2023 tëschent der Gemeng Duelem engersäits an der Madamm Yvette Léonie SADELER an dem Här Théodore Jean-Marie MARX anerersäits, ugeholl, duerch deen d'Gemeng Duelem, fir e Betrag vun 950.000 € déi folgend Immobilie, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Duelem, Sektioun B vun Duelem, keeft:

1. en Haus mat all sengen Dependancen an Appartenancen geleeën zu L-5685 Duelem, 2, Krautemergaass, ageschriwwen ënnert der Nummer 230/1016, Krautemergaass, Plaz, Haus, iwwer 3,52 Ar, zum Präis vun 932.560,00 €;

2. d'Nummer 1055/4013, In den Stecken, Akerland, iwwer 34,88 Ar, zum Präis vu 17.440,00 €.

## 5. Kontrakter

### 5.1 Kontrakt fir den Amenagement vun engem provisoresche Parking zu Duelem „Kettegaass"

De Gemengerot huet eestëmmeg de Kontrakt mat best Ingénieurs-Conseils Sàrl, déi hiren Sëtz zu L-2513 Senningerberg 2, rue des Sapins hunn, betreffend den Amenagement vun engem provisoresche Parking an der Kettegaass zu Duelem, ugeholl.

### 5.2. Kontrakt fir d'Ausschaffe vun engem Konzept fir den Amenagement tëscht der Kettegaass an der Krautemergaass.

De Gemengerot huet eestëmmeg de Kontrakt mat TR-Engineering S.A., mat Sëtz 86-88, rue de l'Egalité, L-1010 Luxembourg, iwwer d'Ausschaffe vun engem Konzept fir den Amenagement vun der urbaner Insel iwwer 25 Ar, verschidde Gebaier a bestoend Gemengeninfrastrukturen (Gemeng, Centre Culturel, Parking) abegraff, wéi och Gebailechkeeten a Plaze geleeën op Héicht vun der Kräizung tëschent der Kettegaass, der Krautemergaass an der Waldbriedemeserstrooss, ugeholl.

### 5.3. Kontrakt fir d'Ausschaffe vun engem Konzept fir den Amenagement zu Duelem an der Kettegaass

De Gemengerot huet eestëmmeg de Kontrakt mat TR-Engineering S.A., mat Sëtz 86-88, rue de l'Egalité, L-1010 Luxembourg, iwwer d'Ausschaffe vun engem Konzept fir den Amenagement vun der urbaner Insel vun ongeféier 15 Ar bei der aler Post an dem Pompjeesbau (CIS) zu Duelem, d'Gebaier vun der aler Post an dem Pompjeesbau abegraff, wéi och déi ugrenzend Parzelle geleeën an der Kettegaass, ugeholl.

### 5.4. Kontrakt fir d'Ausschaffe vun engem Konzept fir den Amenagement zu Duelem längs der N13 an dem CR148

Wéinst widdersprëchlechen Inhalter am Kontrakt, respektiv redaktionelle Feeler, huet de Gemengerot eestëmmeg beschloss dëse Punkt vun der Dagesuerdnung ze huelen.



© creative corner

## 6. Bestätege vu Verkéiersreglementer

De Gemengerot huet eestëmmeg duerch eng global Ofstëmmung folgend Verkéiersreglementer bestätegt:

Dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Strooss Om Kläppchen zu Duelem, sou wéi et de 19. Dezember 2023 geholl ginn ass an dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Munneréferstrooss zu Fëlschdref, sou wéi et de 19. Dezember 2023 geholl ginn ass.

## DE BUDGET 2024 OP EE BLÉCK *LE BUDGET 2024 EN UN CLIN D'OEIL*

| | *Recettes ordinaires (€)* | *Dépenses ordinaires (€)* | *Recettes extraordinaires (€)* | *Dépenses extraordinaires (€)* |
|---|---|---|---|---|
| *Services généraux des administrations publiques* | 9.443.930,00 | 4.122.225,00 | 13.525.000,00 | 535.000,00 |
| *Protection sociales* | 242.262,00 | 1.421.200,00 | ./ | 1.510.350,00 |
| *Ordre et sécurité publics* | 36.272,91 | 154.000,00 | ./ | 25.000,00 |
| *Affaires économiques* | 287.036,50 | 416.500,00 | 1.608.500,00 | |
| *Protection de l'environnement* | 816.000,00 | 1.064.000,00 | 80.000,00 | 1.045.000,00 |
| *Logements et équipements collectifs* | 544.820,00 | 2.434.660,00 | 1.408.500,00 | 10.036.500,00 |
| *Loisirs, culture et culte* | 10.900,00 | 371.000,00 | 65.000,00 | 1.109.000,00 |
| *Enseignement* | 3.000,00 | 801.000,00 | ./ | 6.118.000,00 |
| *TOTAL (€)* | **11.384.221,41** | **10.784.585,00** | **15.085.316,98** | **21.987.350,00** |

### *Avis*

***Budget 2024***

*Malgré le contexte économique actuel difficile, la situation financière de la commune peut être considérée comme saine. Les trois prêts bancaires de la commune viennent à échéance en 2025.*

*Cette situation permet donc à la commune de faire des investissements, en contractant de nouveaux prêts, qui auront comme objectif d'améliorer la qualité de vie des citoyens et de mettre la commune sur la voie de la modernisation.*

*Le budget ordinaire s'est alourdi à la suite de la hausse importante des prix d'électricité et du combustible. L'augmentation rapide de l'indice du coût de la vie est également non-négligeable.*

*Dans le budget extraordinaire figurent les grands projets d'infrastructures comme des investissements importants dans l'alimentation de l'eau potable et la construction du bâtiment modulaire, indispensables pour le bon fonctionnement de l'enseignement fondamental à court terme.*

*Les recettes du budget se composent essentiellement du Fonds de dotation globale des communes, de l'impôt foncier et de l'impôt commercial. A relever également : la participation de l'Etat aux frais de fonctionnement du service d'éducation et d'accueil, la vente de bois, la gestion des déchets, la gestion des eaux usées et l'alimentation en eau potable.*
*Au niveau du budget extraordinaire les recettes se basent sur les participations de l'Etat aux différents projets et sur diverses taxes.*

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL
## DU 19 DÉCEMBRE 2023

### *PRÉSENTS :*

*Monsieur Romain **KILL** , bourgmestre, Monsieur René **ERNST,** Madame Peggy **OLINGER**, échevins,*

*Madame Sonja **BARTHEL** , Madame Tracy **BLOOMER**, Monsieur Nicolas **DICKEN,** Monsieur Romain **DICKEN,** Madame Francine **ERNSTER**, Monsieur Luc **MANGEN**, conseillers*

*Madame Joëlle **NICLOU**, secrétaire communale*

### *Séance publique :*

***1. Présentation, discussion et vote du budget rectifié de l'exercice 2023 et du budget 2024***

*Monsieur René ERNST, en sa qualité d'échevin responsable des finances communales, a présenté en détail le budget extraordinaire.*

*Par la suite les conseillers ont posé différentes questions et ont fait part de leurs remarques. Notamment un article a suscité des discussions.*

*Le collège échevinal a proposé au conseil communal de procéder par voie d'un amendement budgétaire et de réduire l'article litigieux du budget, à savoir l'article 4/411/221312/24004 « Construction pour comices agricoles » à 0,00.-Euro pour le budget 2024.*

*Le conseil communal a approuvé à l'unanimité l'amendement proposé et a ensuite approuvé de façon unanime le budget communal rectifié 2023, ainsi que le budget communal initial 2024, tel qu'ils ont été élaborés et présentés par le collège échevinal.*

***2. Plan de gestion annuel des forêts 2024***

